**« Ouni Fraen keng Kierch »**
**En Dag vun der Begéinung vun der Diözesankommissioun**
**Fra an der Kierch**

**Discours de Madame Françoise Hetto-Gaasch, ministre de l'Egalité des chances**
***Samedi 5 juin 2010***

***Le discours prononcé fait foi***

Dir Dammen an Dir Hären,

Als éischt wëll ech emol Merci soen, dass der mech invitéiert huet op ären Dag vun der Begéinung 2010.

D'Praesenz vun enger Ministesch fir Chanceglaïchheet tëschent Fraen a Männer ass, à première vue, nët evident op enger Manifestatioun vun der kathoulescher Kierch an ech gin iech elo ee puer Argumenter firwat se vlâit och nët emmer erwënscht ass:

Am Joer 1956 huet de Poopst Pius den XII. gesot "tëschent de Geschlechter wär eng vollkomme Glaïchheet wat déi grondlegend perséinlech Werter ugeet", mee "sie hätten ënnerschiddlech Fonctiounen an dofir och ënnerschiddlech Rechter a Pflichten". Als primär Funktiounen fir d'Fra definéiert hien "Mamm sin an Hausaarbecht", eng berufstäteg Fra gëllt als "entartet", also nët konform mat hierer natiirlecher Bestëmmung.

No an no gëtt zwar déi ënnergeuerdnet Roll vun der Fra an offizielle kiirchleche Dokumenter evitéiert, mee et gëtt een awer d'Gefill nët lass, dass d'Virstellungen vun der Kierch an an der Kierch nach daïtlech vun der Virherrschaft vum Mann iwert d'Fra geprägt sin.

Oder sidd dir hei bannen der Meenung, dat är Stëmm esou vill gehéiert gëtt wéi déi vun de Männer?

De Ministère fir Chanceglaïchheet huet als Aufgab dofir ze suergen, dass déi theoretesch Glaïchstellung tëschent Fraen a Männer wéi se an Texter, wéi an der Verfassung an a ville Gesetzer a Reglementer steet, och an der Realitéit, emgesat gëtt.

D'kathoulesch Kierch ass ee vun deene leschte Beräicher déi sech esouguer géint déi theoretesch Gläichstellung wiert, oder firwat daerfe Fraen nët Priester gin?

A senger Botschaft zum Weltfriddensdag 1999, huet de Poopst Jean-Paul II. betount, de Respekt vun de Mënscherechter wier de Schlëssel zum dauerhafte Fridden.

Zu de Mënscherechter zielen awer och d'Glaïchberechtegung tëschent Mann a Fra an d'Verbuet vun berufflechen Aschränkungen opgrond vum Geschlecht!

Mengem Ministère seng Aarbecht ass a 3 grouss Beräicher ënnerdeelt:

- Glaïchstellung vu Fra a Mann am öffentleche Liewen (Gesellschaft, Politik)
- Glaïchstellung vu Fra a Mann an der Schoul an am Beruff
- Glaïchstellung vu Fra a Mann am Privatliewen

Ech invitéieren iech all, als Fraen déi sech an der kathoulescher Kierch engagéieren, sech kritesch mat denen Themen auserneen ze setzen.

Sin déi Restrictiounen déi d'Kierch sech zënter Joerhonnerten operluecht huet nach zaïtgeméiss?

Firwat daerf eng Fra nët zur Priesterin geweiht gin, wa sie sech dozou beruff fillt an déi néideg Qualificatioun ka virweisen?

Firwat kann een d'Zölibat nët op enger fraïwëlleger Basis aféieren? Firwat schléisst d'Beruffswahl oder d'Beruffung zum Priester fir ee Mënsch d'Recht op eng Partnerschaft an op Kanner aus?

Firwat brauch d'Kierch eng Fraebeoptragten wann all Mënsche glaïch sin? Ech wierr frou, wa dir dëss puer méi kritesch Iwwerleeungen géift gesin als Inspiratioun fir är Diskussiounen de Mëtteg an de Workshopen an an ärer zukünfteger Aarbecht.

Ech fueren elo op engem méi positiven Toun virun!

Et laït mer um Haerz déi vill a gudd Aarbecht erauszestraïchen déi Dag fir Dag vu Fraen an an aus der Kierch zu Lëtzebuerg geleescht gëtt. Sief dat als Uerdensschwësteren, z.B. am Gesondheets- a Pflegeberaïch an an de Schoulen; sief ët vu Laien an de Poren an de Veraïner.
Vill vun dëser Aarbecht geschitt op fraïwëlleger Basis, d'Stonnen gin nët gezielt an nët bezuelt. All dëse Fraen gëllt maï Respekt. All dëse Fraen gehéiert de Merci an d'Unerkennung vun eiser Gesellschaft.

Dass d'Fraen et nët einfach hun an der Kierch ass gewosst. Do stin si awer nët aleng do : a ville Beraïcher musse Fraen méi leeschten, sech ëmmer ërem beweisen fir acceptéiert a respektéiert ze gin an op ee Niveau mat hiere männleche Kollegen ze kommen.

Initiativen wéi den Dag vun der Begéinung vun haut droen dozou baï, dass Fraen op hierem Wee gudd informéiert, forméiert, begleed an ënnerstetzt gin. Nëmmen esou wärte si, wärt dir, iech öffentlech manifestéieren a duerchsetzen mat ären Fuerderungen no neien, inhaltlech wertvollen Aufgaben fir d'Fraen an der Kierch.

Ech wënschen iech op alle Fall vill Courage an Ausdauer an äre Beméiungen matzehellefen d'Kierch vu bannen ze reforméieren an en Emdenken ze bewierken, ënnert aanerem wat d'Roll vun der Fra ugeet.

Dir huet schon e gudd Stëck Wee gemaach wann ech Aussoen vu fréier liesen, wéi z. B. déi vum Poopst Pius dem II. am 15. Joerhonnert, dee gesot huet "Wenn du eine Frau siehst, denke, es sei der Teufel! Sie ist eine Art Hölle!"

Trotzdem bleift nach vill ze dinn, wann är Aarbecht zu enger Glaïchberechtegung vu Fraen a Männer féiere soll. Plaidéiert är Cause wiederhin mat genausou vill Freed an Energie wéi bis elo a schléisst Männer nët vun ären Iwwerleeungen äus.

Et ass immens wichteg, si mat an d'Diskussiounen anzebannen ; schliesslech geet ët iech, wéi mir, a villen aaneren Beraïcher vun der Glaïchstellung drëm, hinnen ze weisen, dass mer mat hinnen zesummen schaffen wëllen, an nët géint si, fir méi eng gerecht an equilibréiert Gesellschaft op alle Niveauen.
Ech soen Iech merci fir d'Noläuschteren.